N°3087
Entrée le 10.11.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°3087 vum 22. Oktober 2025 vum éierewäerten Deputéierten Marc Goergen**

**Wéi bewäert d'Regierung d'Iddi, dass am Restaurant transparent op der Menüskaart misst stoen, ob ee Plat Déiereprodukter enthält, souwéi d'Zort an d'Hierkonft vum Produit?**

Ee Plat, deen am Restaurant zerwéiert gëtt, fält ënnert d'Definitioun vun engem net virverpaakte Liewensmëttel. Zu Lëtzebuerg sinn den Numm vum Liewensmëttel an d'Allergenen op den net virverpaakte Liewensmëttel obligatoresch. Aner obligatoresch Mentioune sinn net virgesinn.

Et gëtt am Moment keng europäesch harmoniséiert Legislatioun iwwert d'Indikatioun vun der Zort an der Hierkonft vun den Déiereprodukter an engem Plat an et gëtt och u kengem Projet geschafft.

Fir e bessere Choix kënnen ze treffe, kann de Konsument awer ëmmer beim Restaurateur Informatiounen nofroen.

Lëtzebuerg, den 10. November 2025

D'Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau

(s.) Martine HANSEN